



SYVICOL

Syndicat des Villes et
Communes Luxembourgeoises

Entrevue tëschent dem SYVICOL an der Inneministesch Taina Bofferding vum 16. März zum Thema Corona-Virus

Déi wichtegsten Informatiounen a Recommendatiounen

Kann den Schaffen- an de Gemengerot iwwerhaapt nach zesummekommen?

Jo, well de Fonctionnement vun de Gemenge muss assuréiert bleiwen. Allerdéngs sollen d'Sécherheetsmesuren (2 m Ofstand) assuréiert sinn. Gutt wär et, wann déi responsabel Leit aus der Gemeng (Administratioun & Politik) esou mann wéi méiglech a Kontakt kommen.

Wou soll de Gemengerot stattfannen?

Idealerweis an engem méi grouse Raum, also net am übleche Sëtzungssall, et sief dann datt do genuch Platz ass. Den Artikel 22 vum Gemengegesetz erlaabt et dem Gemengerot eng aner Platz festzeleeën. D'Madamm Inneministesch huet an Aussicht gestallt, déi Decisioun esou séier et geet z'approuvéieren.

Wéi ass mat enger Prokuratioun bzw. mam Deelhuelen à distance (Skype, Videokonferenz...)?

D'Gesetz gesäit béides net vir, mee de Ministère sicht no enger Léisung.

Wéi ass et matt der Reduktioun vun den Gemengeservicer?

D'Gemenge mussen fonctionéieren an déi essentiell Servicer ubidden. Dat steet och an der Circulaire vun der Madamm Inneministesch vum 15. Mäerz. U sech sollt dat iwwert de Plan de continuité assuréiert an organiséiert ginn. Als SYVICOL recommandéieren mir zäitversat Schaffen an e Splitting vun de Servicer. Ideal ass natierlech d'Telearbecht, well een esou och e Backup huet, wann eng Persoun ausfällt. Raimlech Trennung maachen och Sënn, esou datt esou mann wéi méiglech Leit zesumme kommen. Idealerweise fonctionéieren d'Guicheten op RDV, esou et keen Flux vun Bierger gëtt. Wichtig ass et, d'Bierger eenzel an den Büro ze looschen.

Wéi ass et mat der Infoversammlung am Kader vun enger PAG-Prozedur oder enger Reunioun mat Bierger am Kader vu gesetzleche Prozeduren?

Wann et net méiglech ass, déi Reunioun am Delai ze maachen, kann een eventuell den Delai frësch ulafen looschen andeem een d'Ausgangsdecisioun nach eemol hëlt. D'Prozedur fänkt dann vun fir un. Doduerch gëtt ee Formfeeler evitéiert. Als SYVICOL recommandéiere mir do allerdéngs onbedéngt Récksprooch mam Interieur ze huelen.

Wéi ass et mat de Begrieffnisser?

D'Gemeng huet d'Méiglechkeet d'Unzuel vun de Leit anzeschränken duerch een Reglement d'Urgence oder duerch eng Ännerung vum Kierfechtsreglement. Et gëllen déi normal Sécherheetsmesuren vun 2 m Ofstand.



Wéi sollen Hochzäiten op der Gemeng gehandhabt ginn?

Och hei gëllt et d'Sëcherheitsmesure (2m Ofstand) z'assurieren. Eng Rei Gemengen hunn d'Zuel vun de Leit op d'Brautpuer, de Buergermeeschter an den zoustännege Beamten limitéiert.

Wéi soll dat mat den Liwwerservicen an dem Akafen vun lesswueren organiséiert ginn?

Et gett keng national Offer vun der Regierung ugebueden. D'Gemenge sinn deemno fräi, dat ze maachen. Et ass op alle Fall gutt, sech doriwer Gedanken ze maachen. Mir kommen demnächst do mat engem Musterbeispill op d'Gemengen zeréck.

Sollen d'Wochenmärt stattfannen?

D'Santé recommandéiert net, fir déi zou ze maachen, well et jo dobaussen ass. Natierlech sinn déi üblech d'Sëcherheitsmesuren (2m Ofstand) anzehalen.